CSV FRAKTIOUN

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
09 JUIL. 2018
3918

Här Mars Di Bartolomeo
President vu der Chamber

Lëtzebuerg, de 6. Juli 2018

Här Chamberspresident,

esou ewéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement steet, bieden ech lech dës Froen iwwert eng Unerkennong vum Volleksfest-, Kiermes- a Forainswiesen un den Här Kulturminister ze ginn.

An Ärer Äntwert vum 9. Oktober 2017 op meng parlamentaresch Fro vum 25. August 2017 (n° 3245) iwwert d'Unerkennong vum Volleksfest-, Kiermes- a Forainswiese schreift Dir datt dëst kéinten « *(...) als nationale materiellen an immaterielle kulturelle Patrimoine unerkannt ginn, wa si déi legal Konditiounen dofir erfëllen.* »

Dir schreift och, datt « *(...) dat europäescht Kulturierfschaftsjoer 2018 bitt Geleeënheet zur weiderer Unerkennong a Valorisatioun vun alle Formen vu Kulturierwen, dorënner immateriellt Kulturiewen a Patrimoine mobilier (...)* » an datt de Kulturministär ee Conservateur vum Service des sites et monuments nationaux gefrot huet fir den nationalen Inventaire vum immaterielle Kulturierwen z'aktualiséieren.

An deem Kader géif ech dem Här Kulturminister gären dës Froe stellen :

- Wou ass d'Aktualiséierong vum nationalen Inventaire vum immaterielle Kulturierwen drun ? Wéini soll déi Aktualiséierong fäerdeg sinn ?
- Leeft eng Prozedur fir d'lëtzebuerger Volleksfest-, Kiermes- a Forainswiesen iwwert den nationalen Inventaire offiziell als immateriellt Kulturierwen unzerkennen, esou wéi Frankräich dat mat der « culture vivante de la fête foraine » gemaach huet ? Deelt Dir meng Meenong, datt dës Démarche grad am europäesche Kulturierfschaftsjoer, Sënn maache géif ?
- Wann nach keng esou eng Démarche géif lafen, kënnt Dir mir d'Grënn dofir soen ?

Här Chamberspresident, mat mengem déifste Respekt,

Serge Wilmes
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 09 juillet 2018

Objet : Question parlementaire n° 3918 du 06.07.2018 de Monsieur le Député Serge Wilmes - Reconnaissance de la culture de la fête foraine en tant que patrimoine national

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Mars Di Bartolomeo
Président de la Chambre des Députés